N° 4664
Reçue le 30.07.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

Luxembourg, le 30 juillet 2021

Le Ministre de l'Économie
à
Monsieur le Ministre aux
Relations avec le Parlement

**L-2450 LUXEMBOURG**

Réf. : QP4664-02/SW-rg

**Objet**: **Question parlementaire n°4664 du 15 juillet 2021 de Monsieur le Député Roy Reding**

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Pour le Ministre de l'Économie

Luc Decker
Conseiller

Dossier suivi par : Stéphanie Wagemans, tél : 247-88425 ; email : stephanie.wagemans@eco.etat.lu

19-21, boulevard Royal
L-2449 Luxembourg
TVA LU 158 52 112

Tél. (+352) 247-82478
Fax (+352) 46 04 48
IBLC 158 52 112

Adresse postale:
L-2914 Luxembourg

info@eco.public.lu
www.gouvernement.lu/meco
www.luxembourg.lu

126-000010-20040525-FR

**Réponse de Monsieur le Ministre de l'Économie, Franz Fayot, à la question parlementaire n°4664 du 15 juillet 2021 de Monsieur le Député Roy Reding au sujet de l'augmentation des prix de matières premières et de matériaux**

An der Aktualitéitsstonn zu der Hausse vun de Präisser an der Penurie vu Baumaterialie vum 6. Juli 2021 an der Chamber huet de Wirtschaftsminister am Detail zu dësem Sujet Stellung geholl. A senger Interventioun huet de Wirtschaftsminister och dorobber higewisen dass hien ugangs Mee 2021 de Konkurrenzrot (Conseil de la concurrence) saiséiert hat fir eng Bestandsopnam iwwer des Problematik zu Lëtzebuerg ze maachen.

D'Hausse vun de Präisser an den Enkpass vu Baumaterialie gëtt et net nëmmen zu Lëtzebuerg ; zanter dem 1ten Semester vun 2021 ginn et op ville Plazen an der EU änlech Problemer. Aus deene meeschten internationalen Analyse geet ervir, dat et dofir zwee Haaptgrënn ginn : engersäits well et duerch d'Covid-Kris zu Behënnerunge bei de Liwwerkette koum, an anerersäits duerch de wirtschaftlechen Opschwong am Bausecteur an den USA an a China. De Lëtzebuerger Konkurrenzrot gesäit déi Situatioun och esou.

Eng kënschtlech Baisse vun der Offer, wéi den éierbaren Deputéierten se a senger Fro beschreift, kann ënnert bestëmmten Ëmstänn géint d'Konkurrenzrecht verstoussen. Dat ass entweder de Fall wann eng Firma mat enger dominanter Maartpositioun d'Präisser an d'Luucht dreift, oder wann méi Betriber sech ënnert en een ofschwätze fir dat zesummen ze maachen.

Zu Lëtzebuerg ass de Konkurrenzrot dofir zoustänneg fir d'Anhale vum nationalen an europäesche Konkurrenzrecht ze kontrolléieren. Op europäeschem Niveau gëtt des Roll vun der europäescher Kommissioun iwwerholl. Wann eng Entreprise géint d'Konkurrenzrecht verstéisst, dëse Verstouss op de Lëtzebuerger Territoire begrenzt ass, mee de Betrib säi Sëtz am Ausland huet, da kann de Konkurrenzrot bei senger Enquête vun der Konkurrenzautoritéit aus dem jeeweilege Memberstaat ënnerstëtzt ginn, fir zum Beispill Informatiounen ze kréien oder Inspektiounen duerchzeféieren. Bei Fäll déi iwwert den Territoire vun engem Memberstaat erausginn, ass d'europäesch Kommissioun zoustänneg.

Wéi gesot huet sech de Konkurrenzrot op Demande vum Wirtschaftsministère schonn Enn Mee vun dësem Joer der Problematik vun den héije Präisser fir Baumaterial ugeholl. A Gespréicher vum Konkurrenzrot mat verschiddenen Acteuren aus dem Secteur vun der Konstruktioun konnten allerdéngs keng Elementer festgestallt ginn, di op en méigleche Verstouss géint d'Konkurrenzrecht géifen hindeiten. D'Hausse vun de Präisser schéngt der Analyse vum Konkurrenzrot no virun allem duerch allgemeng international Entwécklungen ze kommen. Déi weltwäit Produktioun vu Baumaterialien ass erofgaangen, duerch d'Covid-Kris an/oder meteorologesch Evenementer, a gläichzäiteg ass di weltwäit Demande fir esou Material geklommen.

Wann eng Firma allerdéngs konkreet Hiweiser zu engem méigleche Verstouss géint d'Konkurrenzrecht huet, kann si zu all Ament eng Plainte beim Konkurrenzrot maachen.